CSV BIISSEN

Am Gemengerot vum 14. Oktober 2021 goufen all Decisiounen eestëmmeg geholl.

1) **Présentation du « Masterplang Biissen 2030 »**

D'Firma MC Luxembourg war den 30. November 2020 vum Gemengerot beoptraagt ginn, fir e sougenannte "Masterplang Biissen 2030" opzestellen, an dat bis Mäerz 2021. Eréischt elo gouf e fäerdeg gestallt an dem Gemengerot presentéiert.

Analyséiert gouf nieft der Finanzsituatioun (anscheinend exzellent, obwuel d'Pro-Kapp-Verschëldung sech am Joer 2026 op 9.287 Euro belafe géif – haut sinn et 1.933 Euro Pro-Kapp-Verschëldung) ë.a. d'Bevëlkerungsentwécklung, d'Gemengegebaier an d'Schülerzuel. Den Aktiounsplang bis 2030 gesäit dës Projete vir (déi eis awer alleguer schonns aus enge Brochure vun Är Leit bekannt waren):

- Place de l'Immigration mat enger neier Gemeng, engem Kulturzentrum an enger Brasserie ;
- Neie Gemengenatelier am ZAC Klengbuusbierg;
- Encadréierte Wunnraum fir eeler Matbierger (ass an der Bléi am Bau) ;
- Ausbau vun de Kapazitéiten an der Schoul an Opfankstrukturen (Ausbau vun der Crèche an zousätzleche Stack op d'Primärschoul)
- Abordable Wunnraum an ënnerierdesche Parking am Zentrum (anc. Salon Raths & anc. Stoffel);
- Jugendwunnen um selwechte Site am Zentrum;
- Geschäfter am Zentrum (ouni konkrete Projet am Ablack).

Am allgemenge ware mir als d'CSV-Fraktioun zimmlech enttäuscht vum Masterplang, wëll ë.a. näischt Konkretes zu den ënnerierdeschen Infrastrukturen ugekënnegt gouf. Dobäi stoung an der "Lettre d'engagement" vun der Gesellschaft MC Luxembourg ë.a. folgendes: « analyse d'impact sur les différentes missions communales et ce notamment pour ce qui concerne (…) les services en matière de l'approvisionnement en eaux potables et la gestion des eaux usées ». Och sollten am Rapport de mission « des recommandations en matière de leviers d'optimisation économique et financière de la capacité d'autofinancement pluriannuelle » opgewise ginn.

2) **Modification des statuts du Syndicat des Eaux du Centre (SEC)**

Am Syndicat des Eaux du Centre (SEC) si folgend Gemenge Member : Biissen, Conter, Helperknapp, Hesper, Koplescht, Lëntgen, Luerenzweiler, Miersch, Nidderaanven, Steesel, Stroossen a Walfer. De Syndicat bezitt d'Drénkwaasser bei der SEBES a verdeelt dëst Drénkwaasser op seng Membersgemengen, an zwar no engem bestëmmte Schlëssel. Biissen bezitt 1.100 m3 pro Dag, deemno 5,09 Prozent vun deem, wat de SEC bei der SEBES akeeft.

3) **Avenant à la convention conclue avec la SNHBM**

D'Société nationale des habitations à bon marché (SNHBM) baut am Lotissement « An der Bléi » abordable Wunnraum. Et gouf elo e puer Ännerungen an der Konventioun tëschent der

SNHBM an der Biisser Gemeng. Esou huet d'SNHBM e Virkafsrecht wärend 99 Joer op alle Wunngebaier, déi si opriichten, wann déi nei Proprietären eng Kéier nees verkafe wëllen. Och goufen d'Prioritéitsrechter vun de Biisser Awunner op déi nei Haiser an Appartementer duerch d'SNHBM präziséiert.

**4) Approbation de plusieurs compromis**

Déi zwou lescht verfügbar Bauplazen an der Bléi goufen ënner Compromis geholl, an zwar duerch :

- Här a Madame Alexandre Lopes Pereira-Gonçalves da Costa vu Schieren,
- Här a Madame Amir Ramovic-Sipkar vun Diddeleng.

**5) Approbation de plusieurs règlements de circulation**

Wéinst Aarbechte fir d'Ofwaasserkanäl duerch de SIDEC goufen eng Rëtsch provisoresch Verkéiersreglementer geholl :

a) Bis den 27. Oktober 2021 ass nach d'Rue du Fossé op der Héicht vum Gemengenatelier gespäert.
b) Bis den 3. November 2021 bleift d'Mierscherstrooss tëschent der Rue des Moulins an der Route de Roost fir all Trafic gespäert. D'Rue de Reckange duerf nëmme vun den Anrainer, dem CGDIS an de RGTR-Busser benotzt ginn. Esou laang ass och de Busarrêt Kierch bei d'Bäckerei Jos & Jean-Marie an der Route de Finsterthal verluecht.
c) An der Impasse Merelbaach gëtt vum 20. Oktober 2021 u geschafft. Dofir ass den ëffentleche Parking an der Merelbaach während dësem Chantier net accessibel. Esoubal de Chantier an der Mierscherstrooss ukënnt, muss den Trafic wärend e puer Deeg mat roude Luuchte gereegelt ginn.

En neien a grousse Chantier geet den 18. Oktober 2021 an der Rouschterstrooss tëschent dem Chemin de Bousbierg an der Hausnummer 68 un. Dës Strooss gëtt nämlech frësch amenagéiert. Wärend dem Chantier soll den Trafic mat roude Luuchte gereegelt ginn. Den Här Buergermeeschter konnt eis keng Ausso maachen, wéi vill Aarbechtsdeeg de Chantier braucht.

**6) Approbation de plusieurs contrats de travail**

Zënter dem 1. Oktober 2021 schafft den Eric Eilenbecker fir 3 Méint an der Conciergerie-Equipe vun der Sportshal.
Ab dem 15. November 2021 kritt d'Madame Jo-Anne Elsen vu Recken e CDD fir 2 Joer am Service technique vun eiser Gemeng. Si ass geléiert Architektin a wäert am Service technique primär d'Baugeneemegunge betreien. Et ass virgesinn, datt si an den nächsten 2 Joren och de Staatsexamen mécht, fir an d'Fonctionnairescarrière ze wiesselen.

**7) Approbation d'un acte notarié**

An der leschter Gemengerotssitzung war den Notairesakt mat der Famill Sokol Halimi-Veli eestëmmeg vum Gemengerot refuséiert ginn, nodeems datt eng Differenz vu 740 Euro am Präis zu Ongonschte vun der Gemeng festgestallt gouf. Dat gouf elo rektifizéiert an deemno konnt de Gemengerot den entspriechenden Acte elo stëmmen.

**8) Approbation des statuts du KlammKlub Biissen**

Den neie Klub soll d'Sportsklammen, de Alpinismus ewéi och alpin Randonnéeë förderen. President vum neie Klub ass den Här Marc Hans.

9) **Allocation d'un subside ordinaire au KlammKlub Biissen**

De KlammKlub kritt vun dësem Kalennerjoer un, en järlechen uerdentleche Subsid vu 700 Euro.